N° 303
Entrée le 20.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 19te Januar 2026 wéilt ech dem Minister fir Ëffentlechen Déngscht eng mëndlech Fro stellen.

Den Artikel 12 vum Fonctionnairesstatut gesäit vir, dass Staatsbeamt:innen keng Interessekonflikter dierfen hunn. Engem Fonctionnaire ass et u sech net erlaabt, niewebäi enger anerer Aktivitéit nozegoen a falls en dat mécht, brauch een dofir d'Erlabnis vum Minister an d'Aktivitéit dierf natierlech keng Auswierkung op seng Funktioun hunn.

A verschiddenen Staatsdéngschter existéiert och eng Cooling-off-Period, wou nei Beamt:innen wärend enger Zäit net op Dossiere schaffen dierfen, déi mat hirem ale Patron ze dinn hunn. Esou zum Beispill bei der CSSF.

Et kënnt ëmgedréint och vir, dass Persounen aus dem Staatsdéngscht austrieden an am Privatsektor op enger neierr Aarbechtsplaz ufänken oder eng Firma grënnen. Mir ass ee Fall bekannt, wou eng Persoun, déi fréier an enger Verwaltung an der Direktioun geschafft huet, elo am Privatsektor op enger Direktiounsplaz an enger Firma ugefaangen, déi ee staarke Bezuch a vill Iwwerschneidungen mat senger aler Funktioun am Staatsdéngscht huet. Et besteht ee potenziellen Interessekonflikt.Dës Weideren huet dës Firma ëffentlech Ausschreiwungen beim Ministère an der rezenter Vergangenheet krut.

Fir d'Ex-Regierungsmemberen sinn, fir esou Fäll, Reegele virgesi mam groussherzogleche Arrêté vum 14te Mäerz 2022.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Existéiert eng Cooling-Off-Phase fir Staatsbeamten, wann een nom Staatsdéngscht eng nei Aktivitéit ufänkt?
    - Falls jo, wéi eng Base légale existéiert heizou?
    - Falls nee, wäert d'Regierung eng aféieren?
2. Sinn och d'Conseilleren an d'Sekretären, déi am Arrêté grand-ducal du 27 novembre 2023 portant

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

approbation et publication du règlement interne du Gouvernement genannt sinn, vu Cooling-Off-Reegelen betraff?

3. Sinn héich Staatsbeamten, wéi Direkteren vu Verwaltungen, vun enger Cooling-Off-Phas betraff, wa se no hirer Demissioun eng nei Aktivitéit ufänken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten